



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

ALEM Studenteninterview

Numm : Alexander

Studiestad : Nancy

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

4. Joer/ 8. Semester

2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Ech wollt schonn ëmmer Medezin studéieren an Dokter ginn. D'Wëssenschaften am Allgemengen hunn mech schonn ëmmer extrem fasziniert, den mëschlechen Kierper mat am meeschten. Des Weideren, hunn ech mech emmer schlecht gefillt wann Léit eng medezinesch Versuergung gebraucht hunn an ech hinnen des awer net ginn konnt, well mir einfach dat néideg Wëssen dofir gefeelt huet. Dat wollt ech änneren an hunn dunn zimmlech séier beschloss dat Medezin mäin Draamstudium ass.

3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Sektoun C. Mir ass opgefall dat déi Lëtzebuenger C Sektoun Studenten am Allgemengen eng zimmlech gutt Basis fir den Studium hunn. Ech denken dat dëst, engem zimmlech vill an den éischten zwee Joren hëlleft. Dono ännert den Programm an Themen sou dat den Virdeel lues an lues verluer gött.

4. No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Den groussen Problem mat der Medezin ass dat een sech net ëmmer seng Draamstad eraussichen kann. Dat heescht et soll een sech villäicht mat méi wi enger Unisstad auserneesetzen. Fir d'éischt muss een sech och d'Fro stellen op een no un Lëtzebuerg well studéieren, fir kennen méi oft Weekends Heem ze fueren, oder op een éischer méi weit fort wëll studéieren an sech sou wierklech bëssen vun Lëtzebuerg distanzéieren an säin eegent Liewen wéi och Frëndeskrees opbauen wëll. Et soll een och bëssen nom finanziellen kucken, et ginn haalt immens schéin Stied die awer och immens deier kënnen sinn (München, Paräis), dat duerf een net negligéieren. Mee schlussendlech muss een sech an der Stad, wei och op der Uni selwer, wuelfillen. Wann dat net passt, huet een den falschen Choix getraff. Dofir soll een sech gutt am Virus informéieren an am beschten d'Studium an d'Uni am Virfeld kucken goen.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

5. Wéi hues du dir mat der Admissioun geden? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Gréissten Deel war Recherche am Internet, mee och Visitten an Informatiounsversammlungen. An Däitschland gëtt haalt en Numerus Clausus gefrot an do ass dann fir vill Léit relativ schwéier eng Platz ze ergatteren. Vill Unien froen och eng "lettre de motivation" oder eng Dissertatioun. Do soll een sech wierklech sérioux drusetzen an dat uerdentlech préparéieren.

6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?

Keng Deadlines verpassen! D'Informatiounen, grad an Däitschland, sinn oft net op enger zentraliséiert Platz ze fannen. Duerch "Hochschulstart" ass et bëssen méi einfach ginn, mee fir jiddereen den villäicht Ortswechseler oder Quereinsteiger ass, ass et immens oniwwersiichtlech fir d'Datumer mat den Deadlines vun den verschiddenen Unien ze fannen. Hei wierklech alles raus schreiwen an an säin Kalenner mat Reminders androen. En aneren Tip wier all déi verschidden Dokumenter mat Zäiten ze preparéieren an sech genau ukucken wat alles gebraucht gëtt. Heiansdo ginn souguer Dokumenter gefrot déi dir am Ausland ufroen musst.

7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Amfong ganz zefridden. Iwwert déi läscht Joeen ass immens vill investéiert an renovéiert ginn, sou dat Nanzeg lo wierklech eng modern Uni huet. Den franséischen System ass haalt bëssen méi sauer an verzeitt engem net vill an Punkto Noten an Noexamen mee dofir kann d'Uni jo net.

8. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Bis an dat 3. Joer huet een, menger Meenung no, genuch Fräizäit. D'ass alles eng Saach vun Organisatioun. Virun der Examenszäiten ass et normal dat d'Fräizäit bëssen drënner leit, mee am groussen Ganzen ass et akzeptabel. Ab dat 4. Joer, wann een mam Externat kënnt, gëtt et däitlech manner. Dat sollt engem och bewusst sinn.

9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?

Konstanten Drock virun den Examen an en Anatomie Oral, wou verschidden Proffen dech bëssi ausquëtschen.

10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?

Stagen sinn natierlech flott, wëll een dat geléiert och mol uwennen kann. D'ass normal d'ass een sech heiansdo onwuel fillt mee wann een sech am Virus preparéiert an aus senger Komfortzone rauskënn dann klappt dat an et gëtt och flott.

Den Studium mécht engem och vill international Dieren op. Stéchwuert ass hei „IFMSA“ (International Federation of Medical Students Associations). Du kanns duerch däin Studium, iwwert d'ALEM, un groussen Events op der ganzer Welt deelhuefen an eng mega Erfahrung machen.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Am groussen Ganzen jo. Heiansdo wënscht een sech bëssen méi kleng Klassen an en bessert Encadrement, mee dat ass bei sou vill Studenten eng Saach vun der Onméiglechkeet.

12. Hues du schon Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Ech hunn während 5 Wochen en Stage am CHdN zu Ettelbréck gemach an war immens zefridden. Wann et méiglech ass, géif ech et wierklech uroden Stagen zu Lëtzebuerg zemaachen vue dat hei manner Studenten sinn an d'Dokteren am allgemengen wierklech motivéiert sinn dir eppes ze weisen oder beizebréngen. Wann d'Méiglechkeet besteet ass et natierlech och flott en Stage ausserhalb vun Europa ze maachen. Dëst ass och rëm iwwert d'IFMSA méiglech.